

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 17. Abrëll 2020

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

Déif besuergt,

- datt déi Europäesch Kommissioun wëll eng Applikatioun fir Smartphone propagéieren, déi et géing erlabe Kontakter vu Leit ze retracéieren déi mam Coronavirus infizéiert sinn (*application de traçage*);
- datt esou eng App eng Rei Gefore fir déi demokratesch Grondrechter an enger fräier an demokratescher Gesellschaft mat sech bréngt, besonnesch, awer net nëmmen, am Hibléck op d'Protektioun vun der Privatsphär, d'Bewegungsfreiheet an dat medezinescht Geheimnis (*secret médical*);
- dat d'Aféiere vun esou enger Technologie e potentielle Risiko mat sech bréngt, datt si an Zukunft nach op aner Krankheete kéint ausgedeent ginn;
- datt och wann esou eng Technologie an enger éischer Phas op enger fräiwëlleger Basis géing berouen, de Risiko besteet, datt si ganz séier kéint obligatoresch ginn;
- datt domat de Risiko vun enger Stigmatiséierung, Diskriminéierung an Isolatioun vu kranke Mënsche verbonnen ass;
- datt esou eng Applikatioun e grouse Schrëtt a Richtung vun engem totalitären Iwwerwachungsstaat duerstellt;

Fuerdert d'Regierung op:

- sech all Versuch vun der Aféierung vun esou enger App konsequent ze widdersetzen;

- déi Europäesch Kommissioun opzefuerderen all Initiativ an déi Richtung opzeginn.

Fernand Kartheiser

Deputéierten